



- Présents** Mike POIRÉ / Bourgmestre, Stefano D'AGOSTINO, Isabelle ELSEN-CONZEMIUS / Échevins  
Amaro GARCIA GONZALEZ, Luc WEILER, Mady BORMANN-WEBER, Myriam HOLZEM-HANSEN, Fernando FERREIRA / Conseillers  
Aender SCHROEDER / Secrétaire communal
- Excusés** Cathy HOFFMANN-MEURISSE / Conseillère
- Ouverture de la séance à 18h30

---

## Rapport suivant l'ordre du jour de la séance

---

### 1. Changement du lieu de réunion du Conseil Communal

Suite à l'état de crise dans lequel se trouve le Grand-Duché de Luxembourg depuis le 18 mars 2020 et afin de garantir les consignes sanitaires, le Conseil communal décide unanimement de transférer le lieu de réunion du Conseil Communal au Centre « Turelbaach », et ceci aussi longtemps que la crise sanitaire l'exige.

### 2. Approbations

#### a) De plusieurs conventions SICONA

Dans le cadre de la préservation de la nature, et notamment des vergers sur le territoire de la Commune de Mertzig, le Conseil communal décide à l'unanimité des membres présents d'approuver 5 conventions conclues entre le Syndicat intercommunal SICONA, le Collège des Bourgmestre et Échevins, et les propriétaires des terrains respectifs, à savoir :

- M. Ed Conzemius (Suivant l'article 20 de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988, Madame Isabelle Conzemius, Échevine, ne prend part ni à la discussion ni au vote.)
- M. Victor Kass
- M. Pierre Lentz
- M. Jean-Clause Schmitz
- M. Germain Wantz

#### b) De la convention OSNOS

Afin de régler les relations, l'organisation et le financement de l'Office social « Nordstad », le Conseil communal approuve unanimement la convention conclue entre le Collège des Bourgmestre et Échevins et les représentants de l'Office social « Nordstad » en date du 11 février 2020.

### c) Des comptes de l'exercice 2018

Le Conseil Communal décide par 5 voix (Mike POIRÉ / Bourgmestre, Stefano D'AGOSTINO, Isabelle ELSER-CONZEMIUS / Échevins, Mady BORMANN-WEBER, Myriam HOLZEM-HANSEN) contre 3 voix (Amaro GARCIA GONZALEZ, Luc WEILER, Fernando FERREIRA / Conseillers) d'arrêter provisoirement les comptes de l'exercice 2018.

### 3. Approbation du PAP « Viichterpad » / Nouveau quartier

Le plan d'aménagement particulier « Viichterpad » à Mertzig a été approuvé le 27 février 2020 par le Conseil communal. En application de la loi modifiée du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain, de la loi dite « Omnibus » du 3 mars 2017 et de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988, le Conseil communal a décidé par 6 voix (Mike POIRÉ / Bourgmestre, Stefano D'AGOSTINO, Isabelle ELSER-CONZEMIUS / Échevins, Myriam HOLZEM-HANSEN, Amaro GARCIA GONZALEZ, Luc WEILER, Conseillers ) contre 1 voix (Fernando FERREIRA, Conseiller ) et 1 abstention (Mady BORMANN-WEBER, Conseiller),

- d'adapter la partie écrite dudit projet d'aménagement particulier « nouveau Quartier – Viichterpad »
- de renoncer à l'indemnité compensatoire prévu par la législation.

### 4. Création de poste – Ouvrier communal / Carrière E

Pour les besoins de la Régie communale, le Conseil Communal décide unanimement de :

- créer un poste dans le statut de l'ouvrier communal / carrière E, durée indéterminée ;
- demander la prise en charge partielle de ce poste par l'ADEM, notamment dans le cadre de la mesure « emploi d'insertion pour chômeurs de longue durée ».

Les demandeurs d'emploi éligibles pour les emplois d'insertion doivent être âgés de 30 ans au moins et inscrits à l'ADEM et sans emploi depuis au moins 12 mois. Le contrat de travail à durée indéterminée (CDI) doit être conclu pour un poste nouveau et non pas pour un poste existant devenu vacant et pour lequel une possibilité de remplacement par la voie normale de recrutement existe. L'aide est accordée par le ministre sur avis de l'ADEM et est modulée en fonction de l'âge de la personne embauchée. Pour déterminer le montant du remboursement, les frais salariaux exposés pris en considération sont plafonnés à 150% du salaire social minimum pour salariés non-qualifiés.

### 5. Communications

Le Collège des Bourgmestre et Échevins a informé sur les projets et dossiers d'actualité.

### 6. Déclaration du Bourgmestre

Le Bourgmestre s'est vu obligé de faire la présente Déclaration, étant précisé que seul le discours prononcé fait foi :

« Léiwe Gemengerot,

Dëse Punkt « Déclaration du Bourgmestre » ass op den OJ gesat ginn well et net esou ka weidergoën. Firwat fënnt dat am Gemengerot statt » Ma well de Gemengerot eng Rei vun Emails geschéckt kritt huet wou ech, de Schäfferot an Deeler vum Gemengepersonal ëmmer erëm perséinlech ugegraff ginn, wou d'Saach ëm déi et geet leider an den Hannergrond réckelt. Dat stéiert immens an zerstéiert och vill.

Dat wat geschriwwe gëtt, geet ze wäit a setzt mech, mat de Schäfte, zimlech zou an hëllt eis d'Loscht an d'Freet ze schaffen. Eng Aarbecht wou mir, zesummen mat iech, eng grouss Verantwortung ze droën hunn déi de Wieler eis uvertraut huet. Déi Wieder déi benotzt ginn si beleidgend a respektlos an droën näischt dozou bäi dass een d'Herausforderungen déi sech stellen, korrekt meeschtere kann.

Mir wossten alleguer dass mir eis vill virgeholl hunn. D'Schäfferotserklärung déi mir eis ginn hunn baséiert op engem Walprogramm wou eng Equipe am Oktober 2017 ugetrueden ass, massiv Ënnerstëtzung bei de Wieler kritt huet, wou d'Equipe als ganzt vum Wieler säi Vertrauen ausgesprach kritt huet mat dësem Slogan: „E Neufank fir Mäerzeg“! Dat ass ee starke Message! Jiddereen vun där Equipe huet do deem aneren säi Mandat ze verdanken. De Wonsch vun der Equipe am Virwuert dass mir untrieden fir eng Majoritéit am nächste Gemengerot ze kréien, gouf gehéiert, mam Resultat dass mir elo all hei sëtzen fir dat ëmzesetzen wat mir eis virgeholl hunn! Dorunn huet sech näischt geännert.

Mir hunn eis och agesat fir méi Demokratie! Och do huet de Wieler ee kloren Message ausgedréckt wat sech herno an der Zesummstellung vum Schäfferot ausgedréckt huet, a wat vun iech alleguer, als gutt Demokraten, esou unanime ugeholl ginn ass.

Mir hunn eis séier un d'Aarbecht gemaach. D'Vereedegungen waren do ee wichtegen Akt, fir de Schäfferot beim Minister, a fir d'Gemengeréit beim Buergermeeschter: „Je jure fidélité au Grand-Duc, d'observer la Constitution et les lois du pays, et de remplir avec zèle, exactitude, intégrité et impartialité les fonctions qui me sont confiées ».

Mir sinn elo 2,5 Joer „réischt“ am gaang, hu vum Programm schon ee gudden Deel ëmgesat, respektiv an d'Weeër geluecht. Mir stoungen a stin als Gemeng viru groussen Erausforderungen. Nieft dem neie Gemengerot sinn alleguer d'Postes-clés am Sekretariat an dem Service technique nei besat ginn. Dir sidd iech scho bewosst wat dat bedeit?

An Usprochen sinn ech och ëmmer erëm do rop agaang, hu keng Geleeënheet verpasst et dobaussen ze soën: mir si komplett nei opgestallt, vun der Politik iwwert d'Administratioun bis zum Service technique. Evident ass dat net, sécher awer och keng Excuse!

Fir dass d'Gemeng a sou enger Zäit a bei souvill Changementer richteg funktionnéiert, brauch et ee groussen Zesammenhalt, an do huet de Gemengerot eng tragend Roll.

De Respekt ënnerteneen ass deelweis leider verluer gaang an dësen 2,5 Joer vum Mandat. Onofhängeg vun der Saach gouf sech ëmmer méi am Toun vergraff. D'Leit goufen verbal ugegraff, vunn de Mandatsträger bis zum Gemengepersonal.

An do ass et haut meng Flicht an Aufgab d'Handbrems ze zéien. Mir kënne net esou viru fueren. Dat mécht mech, an jiddereen ronderëm deen all Dag fir d'Gemeng schafft färdeg a krank.

Politesch Entscheedungen kënne kontrovers sinn, net jiddereen muss Inhalter oder Persounen gutt fannen an mat hinnen averstaan sinn - mee fir Mënschen systematesch ëmmer erëm ze beleidegen, direkt an d'Gesicht, um Telefon, an Emails, a natierlech virun allem am Réck bei anere Leit, dat därerf net zum normalen Discours ginn!

Ech hunn a behalen de Respekt vis-à-vis vu jidderengem vun iech. Ech loosse mech net méi op dat Spill an wou hin an hier geschoss gëtt. Ech konzentréiere mech gären op d'Saach a schaffen all Dag ronderëm d'Auer fir eis Gemeng, nieft dem Beruff an am beschten ouni seng Famill ze vernooléissegen. Dat ass d'Aufgab vum Buergermeeschter mat sengem Schäfferot. An de Schäfferot ass op engagéiert Mataarbechter ugewisen. Dës Mataarbechter konnte mir zesummen recrutéieren a mir sollen dat als Chance gesinn fir d'Gemeng no vir ze bréngen.

An deem Kontext wëll ech kuerz an dëser Usproch bemierken dass all d'Emailen déi geschriww ginn gären un de Gemengerot kënne geschéckt ginn, mee loosst d'Gemengepersonal do wgl. eraus. Bei deenen Sammeladressen conseil.communal@mertzig.lu ass de Sekretär dobäi, an d'Adresse commune@mertzig.lu ass d'ganz Personal aus der Verwaltung an dem Service technique! Ech wees net ob dat vum Auteur gewollt ass, mee et ass eng staark Belaaschtung fir d'Personal fir déi Saachen mussen ze liesen. Dat lenkt of, demotivéiert an ass net gutt fir d'Aarbechtmoral.

D'Emails aus de leschte Méint hunn ëmmer dee nämlechten Schéma: et gëtt eppes behaupt, et gëtt scho virgegraff op eng Äntwert wou de Buergermeeschter dann richteg stellt, anscheinend zu senge Gonschten, fir dass hien gutt do steet; et gëtt all Kéiers geschriwwen dass déi Geléiert et besser wéissten an de klengen Handwierker net sou gutt am franséische wier.

Léif Kolleginnen a Kollegen, dat ass net d'Art a Weis wéi mir ënnerteneen sollen an dürfen kommunizéieren. Wéi ech scho gesot hunn, loosse ech mech net dorop an. Ech wees net wéi et iech geet, mee dat ëmmer erëm ze liesen, geet un d'Moral, et mécht een traureg. Et mengt een dann sech mussen ze rechtfertegen, mee firwat sech verteidegen géint eppes wat esou definitiv net der Realitéit entsprécht a wat deelweis komplett aus der Loft gegraff ass, aus Ignoranz.

Firwat? Dat ass déi grouss Fro ob déi ech bis haut keng Äntwert hunn. „Du bass komplett ofgehuewen!“ „Firwat ëmmer deen Tralala!“, „Du bass ee blöden dommen Paragrapheraider!“ oder fir de Schännerot „déi 3 Äishelleg!“, oder „déi Geléiert!“, an op déi naiv Fro wat ech engem zu leeds gedo hätt kréien ech als Äntwert: „Ech kann däi Gelabers net méi héieren!“

An do si mir da nees beim Wuert RESPEKT.

D'Organisatioun vun eisem Liewen an eiser Gesellschaft, léisst sech net an e puer Zeilen an engem Kommentar oder an e puer méi Zeilen an engem Tëscheruff einfach esou zesummeffaassen. Säu Frustr oder och Komplex un enger Persoun oder engem Schännerot auszeloossen, dat ass da wierklech net den Ëmgangstoun deen een sech wënscht.

Ech wëll den Owend no vir kucken! Aus Respekt virun de Mäerzeger Leit an aus Respekt virun der Gemeng!

Wa mir just versichen eis op d'Saach ze konzentréieren, dann betreffen déi Emails Saachen déi zum gréisstendeel an ëffentlechen Versammlungen an och Gemengeréit diskutéiert gi sinn. Wann den Auteur vun de Mailen an deene Versammlungen oder Sitzungen net do war, dann ass et natierlech schwéier d'Informatiounen all ze hunn. Dat wat mir dann liesen, ass entweder falsch, onkomplett oder net fondéiert.

Déi Säiten déi dann zesummekommen betreffen Sujeten wou d'Gemengeréit déi präsent waren Bescheet wëssen. Betraff sinn d'Sitzungen vum 19.12.2019 mat e.a. dem Budget, an d'Aarbechtssitzung eng Woch virdrun, dann och d'Sitzung vum 30. Januar 2020.

D'Punkten um Ordre du jour vun dëse Sitzungen kënne mir den Owend net wiederhuelen. Dat wier och net an der Rei vis-à-vis vum Gemengerot deen onnéideg Stonnen misst offeren.

Dat geet et och drëms demokratesch Entscheedungen déi getraff ginn, ze respektéieren. Och bei knappen Entscheedungen heescht et nach ëmmer „de Gemengerot huet decidéiert dass ...“.

Ech wëll awer d'Propose maachen, wéi och an der Vergaangenheet schon, dass d'Dieren vun der Gemeng zu all Moment opstinn, de Schännerot an d'Gemengepersonal zu all Moment zur Verfügung steet wann eppes net kloer ass oder wann ee gärer Informatiounen zu dem een oder anere Sujet oder Chantier huet. Wann dann een Echange stattfënnt, soll dat engem respektvollen Toun geschéien, ënnert erwuessenen a verstännege Mënschen. Et war nach ëmmer esou: den Toun mécht d'Musek.

Komm mir schaffen zesummen! Et gëtt nach villes ze maachen. D'Gemengekommissiounen, wou dir zum groussen Deel och Member sidd, kënne vill Positives bewierken. Do kann e vill méi d'Initiativ huelen a Projeten lancéieren.

Fir déi politesch Dossierer organiséiere mir Aarbechtssitzungen wou een da just nach déi néideg Zäit muss hunn dobäi ze sinn a matzediskutéieren. Dat war an der Vergaangenheet net ëmmer de Fall. Nëmme am Echange kënne mir dann déi Kompromësser fannen wou am beschte Fall jiddereen sech erëm fënnt. Do steet

*op: d'Subsidereform fir d'Veräiner, eng generell Taxe- a Subventiounsreform a virun allem de Mammutprojet Schoul/Maison Relais/Sportshal.*

*Komm mir paken et un, am respektvolle Mateneen!“*

## **7. Questions écrites adressées au Collège des Bourgmestre et Échevins par les Conseillers**

En application de l'article 13 de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988, deux Conseillers ont adressé des questions écrites au Collège échevinal qui ont été ajoutées à l'ordre du jour de la séance.

### **a. M. Fernando FERREIRA**

M. Ferreira a communiqué une circulaire n° 3063 du 10 mai 2013 ayant comme objet « CIRCALUX – réorganisation de l'infrastructure de messagerie ». Selon cette circulaire, tous les agents et élus communaux doivent être ajoutés à une liste de distribution afin de gérer, en toute autonomie et en fonction des besoins, l'accès aux notifications envoyées par la plateforme étatique CIRCALUX. Pour pouvoir consulter les documents référencés par les notifications, il importe de mettre à disposition des agents et élus communaux en question l'identifiant et le mot de passe de l'entité.

Le Collège échevinal a répondu qu'il va de soi que cet accès à la plateforme sera mis en place, tout en notant que depuis la loi du 14 septembre 2018 relative à une administration transparente et ouverte, toutes les circulaires sont accessibles et publiées sur le site du Ministère de l'Intérieur en suivant ce lien : <https://mint.gouvernement.lu/fr/Circulaires.html>. Il a par ailleurs rappelé que ces circulaires sont des actes administratifs à caractère général qui ne relèvent pas du pouvoir réglementaire, étant donné que l'autorité ou l'organe dont ils émanent soit n'est pas du tout investi d'un tel pouvoir, soit ne l'est pas pour la matière sur laquelle porte l'acte administratif. Parmi ces actes figurent encore, à titre d'exemple, les règlements d'ordre intérieur ou l'organigramme d'une administration. Ces actes sont destinés aux agents placés sous l'autorité de leur auteur ou les membres de l'organe créateur de l'acte. Par ailleurs, le juge administratif soumet ces actes administratifs à caractère général à un examen de conformité par rapport aux dispositions législatives et réglementaires, de sorte que ces circulaires doivent toujours avoir un fondement légal.

### **b. M. Amaro GARCIA**

M. Garcia a demandé d'ajouter un point libellé comme suit : « Avis du Ministère de l'Intérieur concernant le Budget 2020 ». Lors de la séance, il a distribué encore un écrit dans lequel il a posé deux questions. En se basant sur l'article 13 de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988, il a tout d'abord voulu savoir si le budget rectifié de l'année 2019 a été voté lors de la séance du Conseil communal du 19 décembre 2019, alors que ce point ne figurait pas à l'ordre du jour. Ensuite, il a constaté une « irrégularité », voire une « écriture en faux » lors du vote du budget de l'année 2020 en affirmant que le tableau des emprunts, qui n'a pas été complété avec le solde des emprunts au 31 décembre 2019, a été complété par la suite pour communiquer au Ministre de l'Intérieur pour approbation, alors que ce tableau des emprunts n'a pas été voté par le Conseil communal lors de la séance.

Quant à la première question, le Collège échevinal a répondu que par définition, le document du budget communal comporte depuis toujours à la fois le budget rectifié de l'année qui s'écoule et le budget de l'année qui suit. Si l'ordre du jour de la séance ne renseigne que sur le « Budget 2020 – discussion et vote », il va de soi que ce point comporte également la discussion et le vote du budget rectifié 2019. Sans cette discussion et le vote, le vote du budget de l'année 2020 n'est d'ailleurs pas envisageable, étant donné que ces deux

budgets forment un ensemble. Il a encore été ajouté que le libellé du point de l'ordre du jour était identique l'année dernière. Dans le futur, le Collège échevinal veillera d'ajouter au libellé du point de l'ordre du jour également le budget rectifié de l'année qui s'écoule.

Quant à la deuxième question, le Collège échevinal a répondu que tout d'abord, ce tableau relatif à la situation des emprunts a été complété à la suite du vote du budget et communiqué, à titre informatif, au Conseil communal, avant d'être communiqué par la suite au Ministre de l'Intérieur pour approbation. Ensuite, et surtout, ce tableau ne fait pas partie des montants votés par le Conseil communal. Les emprunts renseignés dans le tableau se fondent par définition sur des décisions antérieures du Conseil communal, et les approbations ministérielles subséquentes. Cette analyse a été confirmée par la suite par la Direction des finances communales au sein du Ministère de l'Intérieure en se basant sur la circulaire budgétaire n° 3738 du 25 octobre 2019 relative à l'élaboration des budgets communaux 2020.

---

Clôture de la séance à 21h45

---